

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 19. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Et ass am Prinzip gesetzlech festgehalen, datt Persounen, déi am Handelssecteur beschäftegt sinn, Sonndes just maximal véier Stonne schaffen däerfen. Allerdéngs gouf bei rezente Kontrolle festgestallt, datt sech vill Betriber net un dës Reegelung gehalen hunn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Huet den Här Minister Informatiounen dozou virleien, wéi vill Betriber sech zanter dem 1. Januar 2020 net un dës Reegelung gehalen hunn? Goufen dës Betriber deementspriedend sanktionéiert? Wa jo, wéi hunn dës Sanktioune konkret ausgesinn?
2. Huet den Här Minister Informatiounen dozou virleien, wéi vill Betriber aktuell op Sonndesaarbecht zeréckgräifen?
3. A wéi enge Secteure besteet déi gréissten Nofro fir Sonndesaarbecht ?
4. Wéi verhält sech déi aktuell Reegelung am Hibleck op d'Sonndesaarbecht zu Lëtzebuerg par rapport zu där an eisen Nopeschregiounen?
5. Bestinn nieft dem uewe genannte gesetzleche Kader vu véier Stonne Sonndesaarbecht fir de Beschäftegte weider Ausnamereegelungen, wat d'Sonndesaarbecht ugeet? Wa jo, wéi gesinn dës Ausnamereegelungen aus?
6. Wéi gedenkt d'Regierung sech am Hibleck op d'Sonndesaarbecht rechtlech ze positionéieren? Ass si éischter fir en Ausbau oder awer fir Aschränkungen am Hibleck op d'Sonndesaarbecht?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten